
N° 7791
Entrée le 24.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7791 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**


Kleng Kanner ënner engem Joer sinn hautdesdaags an der Moyenne méi al, wa si eng Crèche besichen. Zanter der Reform vum Congé parental am Joer 2016, ass d'Altersmoyenne vun de klenge Kanner an enger Crèche eropgaangen. Am Joer 2016 louch d'Altersmoyenne vun de klenge Kanner bei 8,7 Méint. Hautdesdaags läit d'Altersmoyenne bei 9,2 Méint[1].





Op d'Woch gesinn, verbrénge kleng Kanner ënner engem Joer an der Moyenne manner Stonnen an enger Crèche, wéi nach virun e puer Joer. D'Unzuel u Stonnen ass am éischte Liewensjoer réckleefeg. Am Joer 2012 ware kleng Kanner ënnert engem Joer an der Moyenne 33 Stonnen d'Woch an enger Crèche ageschriwwen. Hautdesdaags si kleng Kanner ënnert engem Joer an der Moyenne just nach 28 Stonnen d'Woch ageschriwwen.

| ***Kanner am Alter vun:*** | **Jan. 2012** | **Jan. 2017** | **Jan. 2022** |
|---|---|---|---|
| *0-1 Joer* | 33 St. | 30 St. | **28 St.** |
| *1-2 Joer* | 35 St. | 32 St. | **32 St.** |
| *2-3 Joer* | 32 St. | 32 St. | **32 St.** |

[1] *All d'Zuelen an dëser Äntwert baséieren op den Donnéeë vum Facturatiounssystem Chèque-service accueil*




D'Unzuel u Stonnen, wou kleng Kanner ënner engem Joer 40 Stonnen d'Woch oder nach méi laang an enger Crèche verbréngen, ass zanter dem Joer 2012 ëm 50 % erofgaangen.




| ***Kanner am Alter vun:*** | **Jan. 2012** | **Jan. 2017** | **Jan. 2022** |
|---|---|---|---|
| *0-1 Joer* | 22 % | 27 % | **24 %** |
| *1-2 Joer* | 51 % | 63 % | **71 %** |
| *2-3 Joer* | 57 % | 71 % | **79 %** |

Den Undeel u klenge Kanner ënner engem Joer déi eng Crèche besichen ass zanter der Reform vum Congé parental erofgaangen. Am Joer 2017 hu 27 % vun de Kanner ënner engem Joer eng Crèche besicht. Hautdesdaags sinn et just nach 24 % vun de klenge Kanner ënnert engem Joer, déi an enger Crèche ageschriwwe sinn.

Famillje mat Kanner iwwert engem Joer gräife verstäerkt op d'Offer vun enger Crèche zeréck. Hautdesdaags sinn 71 % vun de Kanner am Alter tëschent 1-2 Joer an enger Crèche ageschriwwen, an 79 % vun de Kanner am Alter tëschent 2-3 Joer.

Lëtzebuerg, de 24. Abrëll 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH